

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2020

Här President,


esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Wann e Proprietär vun engem Immeubel mat enger Annex an der „Zone verte“ eppes un där Konstruktioon erneieren wëll, muss eng Autorisatioun beim Ëmweltministère gefrot ginn. Fir déi néideg Autorisatioun ze kréien, muss de Proprietär en Dossier beim zoustännege Ministère areecheen, wou bestëmmten Oplage mussen erfëllt an noweislech beluecht ginn. Dëst ass awer net ëmmer esou evident, haaptsächlech wann een net den éischte Proprietär vun der Konstruktioon ass.

An deem Zesammenhang wëllt ech der Madamm Ëmweltminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi soll eng Persoun, wann dës en Immeubel mat enger Annex, wéi z.B. en Héngerstall oder e Schapp, an enger „Zone verte“ keeft, wëssen, ob a wéini de Ministère eng Autorisatioun fir déi Annex ginn hat a wéini déi Annex schliisslech opgeriicht gouf? Ass et net de Ministère selwer, deen dës Informatioun misst hunn?
2. Geet et net duer, datt den Immeubel am Kadaster agedroen ass? Wann nee, wat ass d'Begrënnung heifir?
3. Ass d'Madamm Minister net der Meenung, datt Proprietäre vun engem Immeubel an enger „Zone verte“ doduerch discouragéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten